OPPENE BRÉIF

Eng liberal Äntwert op eng sozial Fro

Bezierk / Sektioun :	Süden / Esch-Uelzecht	**MINISTÈRE DE LA SANTÉ**
Korrespondent :	Ronald Mordiconi	**HÄR ETIENNE SCHNEIDER**
	661 310 999	Gesondheetsminister
	rmordico@sozialliberal.lu	Allée Marconi – Villa Louvigny
		L-2120 Luxembourg
Eis Referenz :	SLPL_OL_ADHS02082019	
Är Referenz :	/	
Hiwäis :	Kopie un de SLPL Nationalvirstand	Esch-Uelzecht, de 02.08.2019
Bäilag:	/	

BETREFF: ADHS ASS KENG BIOLOGESCH KRANKHEET

Här Gesondheetsminister Etienne Schneider,

ADHS “Aufmerksamskeitdefizit-Hyperaktivitätsstörung” oder ADHD “Attention deficit hyperactivity disorder” gehéiert zum Code F90-F98 déi an der Lëscht vun de psycheschen a Verhalensperturbatiounen am Kapitel V no dem Code ICD10 agedroen ass, déi och gläichzäiteg Perturbatiounen vun der psychescher Entwécklung enthalen. D’WHO gëtt dat Kapitel zu deene psycheschen a Verhalensperturbatiounen a verschidde Versiounen eraus.

No de Studien an déi verschidden Daten déi vum KIGGS vum Robert-Koch-Institut virleien, sinn ëmmerhin 5 % vun alle Kanner a Jugendlecher vun ADHS betraff. Bei weideren 5% léit en Verdacht ob ADHS vir. Et ginn verschidden Typpen vun Therapien, wou awer just déi medikamentéis Therapie an aller leschter Instanz däerfen benotzt ginn. Wat leider net de Fall ass.

D’Sozialliberal Partei Lëtzebuerg ass der Meenung, dass bei ADHS keng medezinesch Behandlung hëllefe kann an dass eis Kanner déi Medikamenter net brauchen. Medezin, Medikamenter mussen an dësem Kontext duerch méi Pädagogik ersat ginn. Kanner déi einfach net den Erwaardunge vun der Gesellschaft entsprieche ginn direkt medezinesch behandelt, wat méi Schued eméi Guddes uriicht a wierken zousätzlech negativ op d’Entwécklung. D’Elteren an eis Gesellschaft musse géint déi Pathologiséierung vun hire Kanner aktiv ginn.

Methylphenidat, Medikamenter eméi RITALIN oder MEDIKINET, ass pure Gëft. Methylphenidat ass offiziell als Betäubungsmëttel agestuuft ginn ! Et ass och Bewisen, dass wann ADHS-Patienten déi Medikamenter ofsetzen, sech d’Hyperaktivitéit wäitaus verschlëmmert. Dozou gehéieren och verschlëmmert Depressiounen, Halluzinatiounen, Schwindel, Lethargie, Psychosen, Muskelzucken a nach vill méi!

D’Sozialliberal Partei Lëtzebuerg fuerdert eis Regierung an de Gesondheetsminister op, e strikte Verbuet vun dëse Medikamenter aus ze schreiwen. ADHS däerf net méi mat Medikamenter behandelt gi mee duerch alternativ Therapien. D’ Gesondheet vun eise Kanner geet fir.

OPPENE BRÉIF

Eng liberal Äntwert op eng sozial Fro

An dësem Kontext wëlle mir gär déi folgend Froe stellen:

(1) Wat fir Kontrollen zum ADHS gëtt et säitens dem Gesondheetsministère an der Regierung?
(2) Wat fir fundamental Studie léien dem Gesondheetsministère vir?
(3) Ass de Gesondheetsminister informéiert dass och Dokteren a Lëtzebuerg ëmmer méi déi Medikamenter eise Kanner verschreiwen obschonn se iwwert Nowierkunge beschtens Informéiert sinn?
(4) Wéi versicht d'Léierpersonal mat der gesellschaftlech, pädagogesch Spezifikatioun ëmzegoen?

An Erwaardung Iech ze liese soen Ech Iech, Här Gesondheetsminister, villmols Merci a verbleiwe mat respektvolle Gréiss.

Am Numm vun der Partei **Ronald Mordiconi**
Nationalpresident

SOZIALLIBERAL PARTEI LËTZEBUERG ASBL PARTEIZENTRAL : 13, Grand-Rue L-4132 Esch-Uelzecht | TEL +352 26 53 08 84 | www.sozialliberal.lu | info@sozialliberal.lu
N° Registre du commerce - RCS Luxembourg: F12113 | N° TVA international : TVA E.C. | Bankkonto : IBAN LU98 1111 7152 6685 0000 | BIC : CCPLLULL